Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L. | C.C.P. 31324-90

Luxembourg/Hollerich
5, rue de la Déportation
Boite Postale 2415
L-1024 Luxembourg

Luxembourg, le

N A T I O N A L K O N G R E S S
VUN DEN
Enrôlés de Force Victimes du Nazisme
am Lycée technique agricole ( fréier Ackerbauschoul )
zu Ettelbreck ënner dem Motto :
de 50 Anniversaire vun der Liberatioun.
Samschdeg, den 23.Abrël 1994.

Programm:

14,30 Auer : Rendez-vous bei der Porkirch zu Ettelbréck(Parkplaze sin bei der Gare, am Däich a bei der Ackerbauschoul.

14,30 Auer: Emfank vun den Invitéën.

14,40 Auer: Gedenkzeremonie mat Nidderléë vu Blummen bei dem Monument aux Morts bei der Kirch.

15.00 Auer: Cortège ënner der Beglèdung vun der "Philharmonie Grand-Ducale " vun Ettelbréck bei de Lycée technique agricole.
-Uschléissend Ufank vum Kongress.
-De President vum Kongressbüro mécht de Kongress op.
-Begréissungsusproch vum President vun der Ettelbrécker Sectioun.
-Begréissungsusproch vum Nationalpresident.
-Rapport iwer d'Activitéite vum vergaangene JOer.
-Rapport a Bilan vun der Kees.
-d'Keeserevisore gin hiren Avis of.
-Bestëmme vun de Keeserevisoren fir d'Joer 1995.
-Komplémentarwahlen ( 3 Mandater ) fir de Comité Central.
-Referat vum Nationalpresident.
-Fräi Aussproch.
-D'läscht Wuert vum Nationalpresident.

Uschléissend offréiert d'Gemeng Ettelbréck dën Eierewäin,wou de Burgermeeschter vun Ettelbréck eng Usproch hält.

Auszeechnung vu verdéngschtvolle Mëmberen mat dem ruban en or,resp.mam ruban en argent.

KOMERODSCHAFT*SOLIDARITEIT*ENEEGKEET;

**Association des Enrôlés de Force**
**Victimes du Nazisme** a. s. b. l.

Boîte Postale No 2415
L - 1024 LUXEMBOURG

## R e s o l u t i o u n N° 1

### Betrëfft Flegebetter fir d'Nazi-Affer

D'Delegéiert vun der "Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme" versammelt den 23. Abrël 1994 um Nationalkongress zu Ettelbréck hu mat Bestierzung de Rapport iwert d'Réalisatioun vum **Centre intégré pour Personnes Agées** um Houwald nogelauschtert a

**stelle mat Enttäuschung fest**, dass fir d'Réalisatioun vun dësem Bau regierongssäiteg näischt Konkretes erfollegt as a sin duerwéint **veriegert**, dass dës Regierung d'Urgence vun esou engem Bau nët erkannt huet oder nët wëllt erkennen. D'Nazi-Affer hun en Alter erreecht, wou nët méi mat dem Paratstelle vu Flegebetter ka gwaart gin. D'Regierung huet et ënnerlooss déi dréngend néideg Prioritéiten ze setzen. Anscheinend gët do gewaart, bis dee Leschte begruewen as;

**stigmatiséiren** dat zäitlecht Verschleefe vum Projet **Houwald.** An den Delegéierten hiren Aën as et onsënneg 8 joërlaang eng hallef Milliard Frangen profitbréngend op engem Bankkonto ze versuergen. Si sin der Meenong, dass et absolut

**noutwenneg** as, dass dat Geld gebraucht gët, fir "dans l'intérêt prioritairement pour les personnes qui ont subi des souffrances particulières pendant la Deuxième Guerre Mondiale, ainsi qu'aux membres de leurs familles," wuerfir et primär bestëmmt gi war;

**protestéiren** dergéint, dass d'Fédération des V.N.E.F. bis haut kéng Antwerten op hir Froë kritt huet; si

**bass erstaunt** ze héiren, dass de Bauteminister a séngem Bréif vum 7. Febr. zwar eng "durée de construction prévisible" vun 3 Joër ugëtt, awer ganz genee weess, dass hien nach nët emol e "projet de loi" an der Châmber déponéiert huet an äis gleewe wëllt din, dass d'"procédure législative" nach an dëser Legislaturperiod kënnt erfollegen, an dass e weider weess, dass kéng Baugenehmigung viirläit, an dass d'Commodo an Incommodo Procedur nach glat nët ofgeschloss as;

**rappeléiren**, dass de Stat an de vergaangene Joëren zeg Milliarde Frange parat hat a Prioritéite setzt fir Kultur- a Sporthalen, fir e kontestéiert Schoulgebai um Geesseknäppchen, fir Bauprojéen a Portugal, fir iwwerdriwene Stroossebau, a.s.w., mä wann et drëm geet, fir de Nazi-Affer am héigen Alter, - alles Leit, déi an hirem Liewen esou vill Eegenes geaffert an esou Villes fir d'Land Lëtzebuerg geleescht hun, fir deenen am uergste Getraffenen e wierdegt Liewesenn ze erlaben, dat gëtt kéng Prioritéit gesat an et as soss näischt iwwreg, wéi eidel Verspriechen a Vertréischten bis dee läschte vun hinnen op de Kiirfecht gedroe gin as.

### Aus all dëse Grënn

**fuerderen** d'Delegéiert den Zentralcomité op, beim Fédératiounscomité ze interveneiren, fir dass

a) bis spéidestens den 1. Juni 1994 e schrëftlechen Accord zustane kënnt tëschend dem Minister vun der Santé an der Fédératioun, wouranner festgehalen as, datt 30 Flegebetter fir d'Enrôlés de Force an deenen hir Familjen am Stëngeforter Flegeheim ab Enn 1995 zur Verfügung sin;

b) a kiirzester Zäit (maximal 3 Joër) e Centre intégré fir Nazi-Affer (80 Better) gebaut as;

c) wann néideg, en Actiounscomité forméiert gëtt, dee sech ausschléisslech mat dem Bau vun engem Flegeheim an dem Installéire vu Flegebetter befaasst;

d) fir dass de Fédératiounscomité alle Parteien, déi sech den 12. Juni 1994 dem Wieler stellen, deenen hir Positioun an hiren Engagement schrëftlech freet, wat de Bau vun engem **Centre Intégré pour Personnes Agées** an am besonneschen fir d'Nazi-Affer ubelaangt.

Ettelbréck, den 23. Abrël 1994.

**Association des Enrôlés de Force**
**Victimes du Nazisme** a. s. b. l.

Boîte Postale No 2415
L - 1024 LUXEMBOURG

# Resolutioun N° 2

D'Delegéiert vun der "Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme"

**erhiewe véhémenten Asproch** géint d'Reclasséiren an d'Jongeselle-Steierklass vun den Enrôlés de Force, wa se Witmann sin an Witfraë vun den Enrôlés de Force;

**betoune mat Nodrock, datt** sie sech haut wéi am Zweete Weltkrich zu hirer nationaler Identitéit an hirer Lëtzebuerger Sprooch bekennen, déi och an der Europa Unioun hir Plaz behale mussen;

**distanzéire** sech entschidden géint déi neierlech Forme vu Faschismus an Nazismus;

**bedaueren,** datt esou gutt ewéi näscht geschitt fir verschiddene Gruppen hir obskur Machenschaften ze ënnerbannen, déi déi verwerflechst vun alle politeschen Idiologie propagéiert, Friemenhaass a Rassismus priedegen;

**verlaangen,** datt d'Verbriecher, déi Kiirfechter saccagéiren, egal ob jiddescher oder anerer, ob d'Nationaldenkmal um Kanounenhiwwel, ob d'Statu vun der Groussherzogin Charlotte oder soss Monumenter am Land , fond . an hirer gerechter Stroof zougefouert gin;

**fuerderen** déi statlech Instanzen op, all Méiglechkeeten auszeschäffen, fir datt nach eemol 3.500 jonk Lëtzebuerger hiert Liewe mussen hiergin, fir Recht an Uerdnung hierzestellen.

Ettelbréck, den 23. Abrël 1994.

Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme

A. S. B. L. | C.C.P. 31324-90

Luxembourg/Hollerich
5, rue de la Déportation
Boite Postale 2415
L-1024 Luxembourg

Luxembourg, le 24.3.94.

Z i r k l ä r

un all Sectiounen.

De Nationalkongress vun der Associatioun E.F.V.N. as den 23 Abrël 1994
ëm 14,30 Auer zu Ettelbréck , am Lycée technique agricole.
E stéit ënner dem Motto " de 50 Anniversaire vun der Liberatioun ".
D'Komerode vun der Sektioun Ettelbréck hun d'Organisatioun iwerholl.
Wât d'Zuel vun äre Kongressdeleguéiert ugeet,verweise mir op déi entspriechend
Directiv am Bulletin "Les Sacrifiés " Nr.1 1984. Säit 8.
Den Zentralcomité riicht en Appell un iech, äre Sectiounsfändel matzebrengen,
wéinst der Gedenkzeremonie beim " Monument aux Morts " a fir de Cortège.
Am Zentralcomité sin 3 Mandater fräi a mussen oder sollen nei besât gin,
laut Artikel 15 vun de Statuten.
Stellt w.e.g. är Kandidature schrëftlech bis de 15.Abr. 94. Art.19 vun de Statuten.
Sollt är Sectioun wëlles hun um Kongress eng oder méi Motiounen ze présentéieren,mussen dës onbedengt bis de 15 Abrël dem Zentralcomité viirleien.
Gëtt dësen Délai nët respektéiert,kënnen d'Motiounen nët um Ordre du jour vum
Kongress figuréieren.
D'Réussite hängt zu engem groussen Deel vun de Sectiounscomitésmemberen a
vun de Sectiounsdeleguéierten of.
Haut wéi an der Vergângenhét,därfen Zesummenhâlen an Zesummestôen,grad wéi
Frëndschaft a Solidaritéit am Krees vun den Enrôlés de Force,denen hire Frënn
a Gönner,keng eidel Wierder sin.
Et ass a bleiwt nach ëmmer wichteg datt déi Leit am Land,déi op eis kucken,
gesin, datt mir eis verstinn an eis mat alle Mënschen verdrôe wëllen, wéi an
dene v e r g â n g e n e 50 J ô er.
Eis sacrifiéiert Generatioun ass a muss e Ganzt bleiwen !!!!!!!!!!!!!!!
Déi bescht komerodschaftlech Gréiss sOën iech d'Komerode vum

Zentralcomité.

N.B.Wann ons Sectiounen vum C.C. eng sériös Arbecht verlângen,mussen sie
onbedengt valabel Leit an dëse Gremium déléguéieren..